
Schoul Heischent

Léif Elteren,

Äert Kand kritt virum 1. September 2018 seng 3 Joer an ass soumat am Alter fir bei der Schoulrentrée de 15. September an d'Education précoce ze kommen.

De Précoce gehéiert net zu enger Crèche, mä zu der Grondschoul. De Précoce ass awer **net obligatoresch.** Wann Dir Äert Kand umellt, da muss et awer **reegelméisseg** kommen an zwar **op mannst 4x** an der Woch; sief et Moies oder Nomëttes. Dëst ass wichteg, fir datt d'Kanner sech gutt an de Grupp aliewe kënnen. Et ass och wichteg ze wëssen, datt fir de Précoce **keen Transport mam Bus** organiséiert gëtt. D'Eltere mussen d'Kanner selwer bréngen a siche kommen. Déi Kanner, déi an enger Heischter Crèche ugemellt sinn, kënne vum Personal vun der Crèche bruecht an ofgeholl ginn.

De Précoce ass vu Méindes bis Freides all Moies op; souwéi Méindes, Mëttwochs a Freides Mëttes.



Wann Dir Interessi hutt Äert Kand fir d'nächst Joer am Précoce unzemellen, dann invitéiere mir Iech häerzlechst op eng

# Informatiounsversammlung

## Dënschdes, den 20. Mäerz 2018 um 19.30 Auer zu Heischent am Précoce (beim Heischter Kierfecht)

Wann Dir den Dag vun der Versammlung verhënnert sidd an Informatioune braucht, dann zéckt net fir Iech bei eis ze mellen. An der Versammlung kënnt Dir eis soen, wéieng Preferenze fir wéieng Deeg Dir hutt. Oder Dir maacht dat bis **spéitstens de 26. Mäerz 2018 iwwer Telefon oder Mail**. No dem 26. Mäerz kucke mir, ob mir Äre Preferenze gerecht kënne ginn a wäerten Iech dann doriwwer informéieren. Nom Art. 18 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul (Loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental) sinn nom 1. Abrëll 2018 keng Aschreiwunge méi méiglech. Dir kënnt eis eng E-Mail schreiwen oder ënnert folgenden Telefonsnummeren erreechen:

**alexandra.etgen@education.lu**

**26 88 99 10 (Klassesall vum Précoce)**

**621 770241 (Handy vum Lexy Etgen)**

Mir freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.

Mat beschte Gréiss,

d'Léierpersonal vum Cycle 1